Réponse de Monsieur le Ministre des Finances à la question parlementaire n° 1730 du 25 janvier 2016 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Déi aktuell Steiergesetzgebung gesäit fir, dass déi physesch Personnen hir Steiererklärung bis den 31. Mäerz vum Joer duerno erareechen mussen. D'Steierbüroen hunn Instruktiounen krut déi Steierzueler déi sech un dësen Délai halen, prioritär ofzerechnen. Den « délai de réponse » leit an deenen Fäll bei e pur Wochen. Am Moment sinn ronn 210.000 Dossieren opgeholl, esou dass d'Steierverwaltung regelméisseg mindestens sechs bis aacht Méint brauch fir eng Erklärung ze veraarbechten nodeems se erakomm komm ass. Op den 1. Februar 2016 leit de Besteierungsniveau fir d'Joer 2014 awer schonns bei iwwer 80 Prozent.

Déi moralesch Persounen mussen hir Steiererklärung bis den 31. Mee ofginn. D'Gesellschaftsbüroen hunn e gewësse Retard accumuléiert. Dat huet och domat ze dinn, dass déi meescht Gesellschaften hir Erklärung riischt um Enn vum Joer duerno ofginn. Zënter dem Oktober 2015 hunn d'Kapitalgesellschaften awer d'Méiglechkeet hir Erklärung elektronesch ze iwwermëttelen. Do leit den « délai de réponse » bei enger bis zwou Wochen, an déi Retarden missten kuerzfristeg kënnen esou opgeschafft ginn.

Déi regional Ënnerscheeder tëschent de Büroen souwuel bei de physeschen wéi bei de moraleschen Persounen sinn net grouss. Déi zoustänneg Persounen aus der Direktioun vun der Steierverwaltung kréien all Mount eng Statistik iwwer d'Progressioun vun de Besteierungen, an d'Personal gëtt dann deementspriechend op déi Büroen verdeelt wou e Retard entstanen ass.

D'Regierung huet décidéiert d'Personal vun der Verwaltung ze erhéijen.